

net genuch sëtzen, well wann ee mat de Leit um Terrain schwätzt, da gëtt et am Moment ganz schwéier, fir do iwwerhaapt e Rendez-vous ze kréie respektiv mat esou enger Persoun ze schwätzen.

Dat heescht also wierklech d'Problematik, dass mer hei an deem Text, an deem Tired, wierklech soen, dass mer an all Schoul ee wëllen ..., oder et wär eventuell eng Proposition, ech geheien dat elo mol einfach hei an de Raum, ze soen, mir géife wierklech den Deel vum Psycholog verstärken an deemno wierklech weider ausbauen, fir do de Kanner entgéintzekommen. Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Polidori. Et ass keng aner Wuertmeldung am Sall.

Ech ginn dervun aus, datt och hei de Vote électronique gefrot ass.

Vote sur la motion 4

An da géife mer mam Vott ufänken. De Quorum ass erreecht. D'Procuratiounen. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 20 Jo-Stëmmen, 40 Nee-Stëmmen. Dës Motioun ass also ofgeleent mat 40 Nee-Stëmme géint 20 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui : M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding (par M. Dan Biancalana), Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten (par M. Georges Engel), Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert ;

MM. François Bausch, Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement, Marc Goergen et Ben Polidori ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher (par M. Max Hengel), Félix Eischen, Paul Galles, Christophe Hansen, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies (par Mme Diane Adehm), Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp) et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig.

An domat hätte mer all eis Motiounen zu deem Sujet erleedegt.

4. 8224 – Projet de loi portant sur la construction des extensions de la ligne de tramway à Luxembourg entre les stations Rout Bréck–Pafendall et Laangfur au Kirchberg et entre les stations Gare Centrale et Hollerich

Mir kéinten dann zum zweete Punkt vum Ordre du jour kommen. Dat ass de Projet de loi 8224 iwwert d'finanziell Bedeelegung vum Staat bei der Verlängerung vun den Tramslinnen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an deemno follgendermoossen opgedeelt: D'Rapportrice huet zéng Minutten, déi jee weileg Fraktiounen a Sensibilitéiten hu fënnef Minutten, d'Regierung huet zéng Minutten. Et si schonn ageschriwwen: den Här Paul Galles, d'Madamm Claire Delcourt, den Här Jeff Engelen, den Här Meris

Sehovic, den Här Marc Goergen an den Här David Wagner. An d'Wuert huet dann elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madamm Corinne Cahen. Madamm Cahen.

Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

Mme Corinne Cahen (DP), rapportrice | Villmools merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mam Projet de loi 8224 diskutéiere mer haut iwwer e weidert Finanzéierungsgesetz, fir de Réseau vum Tram auszubauen. No de Finanzéierungsgesetz vum 2014 an 2017 ass dat hei dat véiert Gesetz an deem Genre. Déi dräi éischt Gesetz hunn de Bau an den Ausbau vun der Linn 1 vum Tram finanziert: an enger éischter Etapp d'Streck tëschent der Luxexpo an der Stater Gare, duerno an enger zweeter Etapp eng Extensioun a Richtung Findel an eng op d'Cloche d'Or.

De Réseau vum Tram ass deemno zanter der Aweigung vum éischten Deelstéck am Dezember 2017 permanent ausgebaut ginn, an dës Regierung wëll och op deem Wee weiderfueren.

Parallèll zum Ausbau vum Réseau ass d'Unzuel vu Passagéier, déi all Dag den Tram huelen, och konstant an d'Luucht gaangen. Haut transportéiert den Tram eng 100.000 Leit den Dag – eng Zuel, déi an Zukunft nach ganz sécher weider wäert klammen.

Et kann een also zu Recht behaapten, dass den Tram eng Erfolgsgeschicht ass. Den Tram ass haut schonn d'Réckgrat vum ëffentlechen Transport an der Stad. En huet d'Mobilitéit vun de Leit daitlech verbessert.

Déi lescht Regierung huet mam Plan national de mobilité 2035 kloer Proposen op den Dësch geluecht, wéi de Réseau weiterentwickelt ka ginn, dat mam Zil, d'Leit méi op den ëffentlechen Transport ze bréngen an och der Unzuel un Trajeten, déi jo iwwert déi nächst Jore wäert klammen, Meeschter ze ginn.

An et ass, wéi gesot, och dës Regierung hir Absicht, d'Erfolgsgeschicht vum Tram konsequent weiderzeschreiben, sief dat an der Stad oder och doriwwer eraus, wéi notament duerch de séieren Tram tëschent der Stad an Esch.

Mat dësem Gesetzesprojet haut kritt den Tram elo eng zweet Linn. Déi éischt Linn fiert duerno, wa se bis ganz fäerdeg ass, vum Findel bis bei de Stadion. E klenkt Wuert vläicht dann dozou: Den Tronçon op d'Cloche d'Or wäert dës Summer fäerdeg sinn. A wat den Tronçon op de Findel betrëfft, musse mer eis nach e bësselche méi laang gedéllegen, nämlech bis Enn dës Joer respektiv ugangs nächst Joer.

Déi zweet Linn, déi mer haut stëmmen, wäert sech a gudden Deeler d'Gleiser deele mat der éischter Linn, nämlech vun der Gare bis bei déi Rout Bréck. Alldéngs bëit den Tram dann engersäits no der Gare a Richtung Hollerecher Strooss of, anersäits fiert en no der Roudier Bréck de Boulevard Konrad Adenauer erop bei d'Europaschoul an den zukünfte Quartier Laangfur.

Et handelt sech also ëm zwou Extensiounen, op déi ech elo natierlech e bësse méi am Detail wäert agoen. Déi zwou Extensiounen hunn alle béid gemeinsam, dass se nei Quartieren an der Stad, déi et bis elo nach net gëtt, wäerten desservéieren: Laangfur an de Kuebeierg op där enger Säit, d'Porte de Hollerich op där anerer Säit. Den ëffentlechen Transport gëtt also hei vun Ufank u bei der Konzeption vum Quartier matgeduecht an an de Projet integréiert.

Wa se ganz fäerdeg ass, soll d'Extensioun um Kierchbierg spéider eng Kéier iwwert de Boulevard Konrad Adenauer fieren, bis bei d'Europaschoul, dann

duerch déi zukünfte Quartiere Laangfur a Kuebeierg, fir dann iwwert de Boulevard Pierre Frieden bei der Luxexpo erauszekommen.

Dës Streck ass an dräi Deelstécker ënnerdeelt. Bei dësem Gesetzesprojet, dee mer haut stëmmen, geet et ëm den éischten Deel tëschent dem Arrêt Rout Bréck–Pafendall a Laangfur. Mat enger Längt vun 2,3 km an dräi Arrête kaschten d'Aarbechten an deem Stéck eng 106 Milliounen Euro a solle bis 2027 ofgeschloss sinn.

Am Kader vun dësen Aarbechte soll de Boulevard Konrad Adenauer op senger ganzer Breet nei amenagéiert ginn. Notament ass virgesinn, eng Vëlospist do ze amenagéieren an och vill Gréngflächen, fir dës Verkéiersachs fir d'Leit vill méi agreabel ze gestalten.

Den Auto wäert an Zukunft eng e bësse manner grouss Roll spillen an eeben dem ëffentlechen Transport an och der duusser Mobilitéit méi Plaz maachen.

Déi zweet Extensioun, déi geet vun der Stater Gare d'Hollerecher Strooss erof, fir am zukünfte Quartier Porte de Hollerich erauszekommen. Och hei wäert den Tram an e puer Phase gebaut ginn. De Gesetzesprojet, ëm deen et haut geet, betrëfft den éischte vun am Ganzen zwee Deeler, an dee geet bis bei d'Hollerecher Kierch.

Anescht wéi bei der Extensioun um Kierchbierg ginn hei just d'Gleiser geluecht, ouni dass déi ganz Hollerecher Strooss nei amenagéiert gëtt. Den Tronçon ass 1,1 km laang, mat zwee Arrëten, an d'Aarbechte wäerten 29 Milliounen Euro kaschten. D'Mise en service ass fir 2028 virgesinn.

D'Gesamtkäschte vun dësen zwou Extensiounen belafen sech op 135 Milliounen Euro. Dovunner iwwerhëlt de Staat der 90 Milliounen an d'Stad Lëtzebuerg iwwerhëlt de Rescht. Fir all weideren Detail verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport.

Zum Schluss nach vläicht awer e puer Wieder zu den Aarbechten an der Kommissioun: De Gesetzesprojet ass den 23. Mee 2023 vum deemolege Minister François Bausch deposéiert ginn. De Staatsrot hat a sengem Avis vum 21. Juli 2023 ausser legisteschen Observatiounen keng weider Remarken, soudass en dësem Projet Gréng Luucht konnt ginn. An der Reunioun vum 11. Januar dës Joer gouf de Projet de loi vun der neier Ministesch Yuriko Backes an der zoustänneger Kommissioun presentéiert. An der selwechter Reunioun huet d'Mobilitéitskommissioun mech als Rapportrice designéiert. De schrëftleche Rapport ass den 18. Januar unanime ugehall ginn.

Här President, ech géif gäre ganz speziell dem Tania an dem Yan e besonnesche Merci soe fir hir Aarbecht. Ech soen Iech all Merci fir d'Nolauschteren an ech géif dann hei och den Accord gi vun der Demokratiescher Partei. Villmools merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Ech soen Iech Merci, Madamm Cahen, fir Äre schrëftlechen an Äre mündleche Rapport.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Paul Galles. Här Galles.

Discussion générale

M. Paul Galles (CSV) | Jo, merci, Här President. Ech maachen dat vun hei aus. Merci och fir d'Erklärungen. Déi sinn elo alleguerter ginn zu dësem Projet. Et sinn u sech dann déi zwou Linne K2A, dat heescht déi zweet Linn um Kierchbierg, den éischten Deel dovun, an HOA, also déi Linn op Hollerech, den éischten Deel dofir. Dat heescht, iwwert d'Linne K2B, K2C an HOB wäerte mer och an den nächste Joren nach vill mam Tram hei an der Chamber ze dinn hunn, wat gutt ass,

well den Tram ass engersäits natierlech e Symbol an eng Realiséierung vun der duusser Mobilitéit. Et ass immens staark, och wéi gutt dat funktionéiert an och wéi attraktiv et ass. An dat heiten ass eeben déi Méiglechkeet, fir déi Attraktivitéit och nach an aner Dimensionen an op aner Plazen ze bréngen.

Et ass awer och geografesch gesinn interessant. D'Madamm Cahen huet elo just erkläert, dass et eeben hei an der Stad Lëtzebuerg dräi weider nei grouss Quartieren erschléisst: Porte de Hollerich engersäits an da Laangfur a Kuebebiert anerersäits. Et ass och national interessant, well an deene Quartiere leie ganz vill Schoulen. Dat heescht, do hu mer och ganz vill Flux vu Leit, déi op déi Plaze kommen. An dat wäert natierlech eng weider Méiglechkeet ginn, och aneren Transport ze entlaaschten op deene Plazen, wou dann den Tram dohinner fiert. An et muss een och derbäi soen, dass et wierklech gutt ass, dass bei deenen Tramslinnen hei de Vëlosereise ausgebaut gëtt an dass do d'Geleeënheet genotzt gëtt, fir déi duuss Mobilitéit och weider virunzedreiwien.

Ech fannen et och ganz begrëssenswäert – a mir fannen et ganz begrëssenswäert –, dass hei am Projet de loi all déi Ëmweltoplagen, déi néideg sinn, och nach eng Kéier erwänt sinn, de Bilan écologique, an dass och déi Nuisances sonores, déi um Boulevard Adenauer op eis duerkommen, alleguerter wäerten opgefaange ginn duerch Murs antibruit, fir bei de Chantieren eeben dorop opzepassen, datt d'Leit net ze vill déi Nuisancen hu vun engem Chantier, deen einfach néideg ass an op dee mer eis alleguerter freeën.

Voilà, an deem Sënn och dann den Accord vun eiser Fraktioun a merci fir d'Nolauschteren.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Galles. Madamm Delcourt, Dir hutt d'Wuert.

Mme Claire Delcourt (LSAP) | Merci, Här President. Jo, laang gouf eis den Tram vu Stater Responsabel als schreckleche Projet verkaf. Et gouf probéiert, Busser uneneenzestrécken. An haut hu mer elo d'Geleeënheet, fir den Tram auszestrécken – oder auszestrecken. Mir sinn also richtig frou, datt dës Leit e wäite Wee gemaach hunn an agesinn, datt den Tram e grouss Succès huet. An haut denken ech, dass mer eis eens sinn, dass de Bilan vun deem Tram ganz positiv ass an dass ee sech deen och net méi ewechdenke kann. An dowéinst gëtt d'LSAP natierlech och hiren Accord zu deemem Projet.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Delcourt. Dann ass et um Här Jeff Engelen. Här Engelen.

M. Jeff Engelen (ADR) | Merci, Här President. Et ass wichteg, datt mer den Tram ausbauen, well ech mengen, wa mer stoe bleiwen, wou en elo steet, da gi mer zréck. An ech mengen, et ass wichteg, datt mer lues a lues den Tram ëmmer méi an d'Stad ausbauen.

Et huet zwar näischt mam Tram ze dinn, mee erlaabt mer vläicht, op e Ladenhüter opmierksam ze maachen: Dat ass, datt mer op dem Findel nach ëmmer eng Gare hunn, déi ni ugefuer gëtt. A souwäit ech elo informéiert sinn, ass dat ewell 10, 15 Joer iergendwéi do nach e bëssen an der Versenkung. Et wier awer gutt, wann een dat eng Kéier geif aus der Versenkung eraushuelen, fir do mol eppes Sënnvolles dermat ze maachen. Ech wollt dat als Ureegung mat op de Wee ginn.

A selbstverständlech ginn ech den Accord zu deemem Projet, Här President.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Engelen. Dann ass d'Wuert fir den Här Meris Sehovic. Här Sehovic.

M. Meris Sehovic (déi gréng) | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'alleréisch wollt ech d'Ried ufänken a speziell zwee Leit eigentlech felicitéieren. Op där enger Säit dem François Bausch, deen, mengen ech, incontestabel de Papp ass vum Tram ...

(Exclamations et brouhaha)

... an deen de virleiende Projet de loi virbereet huet an och deposéiert huet. Op där anerer Säit dann awer natierlech – an do, mengen ech, sinn dann d'Kolleegen och erëm méi derbäi – och der neier Ministesch ...

M. Claude Wiseler, Président | Sou, wannechgelift, loosst den Här Sehovic schwätzen!

M. Meris Sehovic (déi gréng) | Merci, Här President. Dann natierlech awer och der neier Ministesch, der Madamm Yuriko Backes.

Madamm Ministesch, Dir hat eigentlech zwee Choixen, wéi Der d'Amt ugeholl hutt. Dir hätt deen heite Projet de loi och kënnen an den Tirang leeën oder um Koup vun de Projet-de-loien a Finanzéierungsgesetz, vun deenen et der e puer gëtt bei Iech am Ministère, hätt Der en och kënnen méi wäit ënnen an de Koup leeën. Dat hutt Der net gemaach. An dass et eigentlech den éischte Projet de loi ass, deen Der an Ärer neier Fonctioun hei der Chamber virleet, éiert Iech a léisst natierlech och d'Hoffnung opkommen, dass Dir, gradesou wéi Äre Virgänger, déi noutwendeg finanziell, personell an och politesch Ressourcë wëllt opbréngen, fir den Ausbau vum Tramreseau an der selwechter Geschwindegkeet wéi an der Vergaangenheet och virunzedreiwien. Dofir wäerte mer, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här President – dat huelen ech direkt virwech –, dëse Projet de loi och als gréng Partei matstëmmen.

Den Tramreseau ass eng vun eise grouss Successoryen an der Mobilitéitspolitik. En ass aus eise Stadbild an och aus eise Mobilitéitsgewunnechten haut eigentlech net méi ewechzedenken. En ass en essentiell Puzzlestéck an eisen Efforten, fir d'Verkëierssituatioun an der Stad Lëtzebuerg, mee och iwwert d'Stad Lëtzebuerg eraus ze verbesseren.

Am Regierungsprogramm steet dofir och – an dat ënnerstëtze mir –: „Le Gouvernement s'engage à développer davantage le tramway outre des lignes actuellement prévues au niveau de la ville de Luxembourg. Au-delà du projet de tramway rapide entre la ville de Luxembourg et Esch-sur-Alzette, la possibilité de créer d'autres liaisons de tramway rapide sera examinée en dialogue permanent avec les acteurs concernés.“

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, déi lescht Regierung huet déi lescht zéng Joer eigentlech domadder verbruecht, Retarden an eiser Mobilitéitsplanung an och am Ausbau vun den Infrastrukturen opzehuelen a se fit fir d'21. Joerhonnert ze maachen. Mam Plan national de mobilité 2035 hu mer och de Grundstee geluecht, fir der demografescher an och der ekonomescher Entwécklung vum Land net méi hannendrunzelafen, mee se ze anticipéieren an och déi néideg Infrastrukturen dofir ze schafen.

Fir dass eis dat geléngt, ass et enorm wichteg, dass d'Regierung och an Zukunft um Ball bleift an nieft der Extensioun, iwwert déi mer haut diskutéieren an déi mer wäerte stëmmen, och déi nächst Extensiounen, sou wéi déi lescht Regierung se am Plan national de mobilité duergeluecht huet, virundreift an – natierlech och ganz wichteg – déi héich Vitesse de croisière, déi mer opgebaut hunn an deene leschte Joren, bäibehält.

D'Vitesse de croisière am Beräich vum Tramausbau bäibehalen, dat bedeit eigentlech konkret bis 2035

Follgendes: Ubannung tëschent Esch an der Stad Lëtzebuerg mam séieren Tram; Ubannung vum Quartier Hollerech un den neie Pôle d'échange am Weste vun der Stad; Ubannung vun der Areler Strooss un den neie Pôle d'échange Bouillon, fir dee mer haut och déi finanziell Basis schafen an enger éischter Phas; an eng zweet Linn um Kierchbierg, déi de Quartier Laangfur an de Kuebebiert un de Réseau ubënn.

Fir dat alles am versprochenen Zäitraum bis 2035 ze packen – dat ass gerechent ginn –, musse pro Joer zwee bis dräi Kilomeeter Réseau gebaut ginn. An de leschten zéng Joer hu mer et progressiv gepackt, déi Vitesse de croisière och ze erreechen.

En nächste wichtige Schrëtt ass d'Extensioun a Richtung Centre hospitalier mam Raccourci iwwert d'Avenue de la Porte-Neuve. Ech riichten hei e waarmen Appell un d'Ministesch an un déi ganz Regierung, fir dat entsprecheend Finanzéierungsgesetz mat grousser Prioritéit op den Instanzewee ze bréngen. Dësen Ausbau ass carrement d'Prekonditioun fir all weideren Ausbau, dee jo och am Regierungsaccord anonciéiert ass. En ass wichteg, fir och an Zukunft eng héich Qualitéit an och eng héich Zouverlässigkeet am Tramsreseau bäizebehalen. Wa mer dës Extensioun net maachen, da riskéiere mer an Zukunft net nëmmen eng Iwwerlaaschtung vum Réseau, mee wierklech e Qualitéitsverloscht op d'Käschte vun den Utilisateuren.

An deemem Kontext erlaben ech mer och, der Ministesch eng Fro ze stellen. Mir haten an der Mobilitéitskommissioun jo scho rieds iwwert déi doten Extensioun. Dir hat eis erkläert, dass do déi Reunioun, déi mat der Stater Buergermeeschtesch virgesi war am Januar, huet missen no hanne verluecht ginn an de Februar. Gëtt et do méttlerweil en neien Datum? Gëtt et do Neiegkeeten?

M. Claude Wiseler, Président | Merci.

M. Meris Sehovic (déi gréng) | An deem Sënn ... Ech sinn nach net ganz fäerdeg, Här President.

(Hilarité)

M. Claude Wiseler, Président | Ech hat gemengt, Dir wäert fäerdeg.

M. Meris Sehovic (déi gréng) | An deem Sënn hofen ech, an ech ginn och dovun aus, dass dëst wuel den éischte Projet de loi ass vun der neier Ministesch am Beräich vum Tram, mee sécherlech nach laang net dee leschten an deenen nächste Wochen, Méint a Joren. An an dëser Hoffnung oder villméi mat deem Encouragement un d'Regierung, Här President, deposéieren ech och eng Motioun, mat der Ënnerstëtzung vun de Kolleeginnen a Kolleegen vum der LSAP a vun déi Lénk, wou mer déi Opfuerderung nach eng Kéier verschrëftlechen.

Motion 1

La Chambre des Députés, considérant

– le développement démographique et économique exceptionnel du Grand-Duché de Luxembourg, ainsi que le caractère multimodal de la mobilité au 21^e siècle et le besoin d'offrir à la population et aux travailleurs frontaliers une mobilité de qualité dans un contexte de décarbonisation des transports ;

– le Plan national de mobilité 2035 (PNM) proposant un concept global capable de gérer 40 % de déplacements supplémentaires par rapport à 2017 ;

– les extensions planifiées à l'horizon 2035 fixées dans le Plan national de mobilité 2035 (PNM) visant à accélérer le développement du réseau à 2 à 3 kilomètres par an par rapport aux 1,5 à 2 kilomètres par an réalisées pendant la période 2016 à 2021 ;

– l'engagement du nouveau Gouvernement inscrit dans l'accord de coalition 2023–2028 « à développer davantage le tramway outre des lignes actuellement prévues au niveau de la ville de Luxembourg » et à reconnaître que « le tramway, en tant que moyen de transport public dans l'espace urbain, connaît un succès incontestable »,

invite le Gouvernement

– à suivre la stratégie du PNM pour le tramway, à savoir le maillage du réseau de tramway pour démultiplier les points de correspondance à proximité du centre-ville et pour éviter la convergence en un point unique d'un nombre important de passagers ;

– à maintenir le projet d'extension du réseau de tramway vers le Centre hospitalier de Luxembourg (CHL), ainsi que le raccourci afférent entre le rond-point Schuman et Hamilius/Boulevard Royal, représentant un élément essentiel pour le futur réseau de tramway voire une précondition à la réalisation d'autres extensions ;

– à maintenir le calendrier de mise en service du tram rapide entre Esch-sur-Alzette et Luxembourg-ville, dont notamment le premier tronçon reliant la Cloche d'Or et Leudelange ;

– à traiter l'extension vers le CHL comme prioritaire et à adopter rapidement l'avant-projet de loi de financement afférent.

(s.) Meris Sehovic, Claire Delcourt, David Wagner.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Sehovic.

M. Meris Sehovic (déi gréng) | Wannechgelift, Här President.

Merci Iech alleguerten. Ech si fäerdeg.

M. Claude Wiseler, Président | Et ass an der Rei. Merci nach eng Kéier. An da ginn ech d'Wuert un den Här Marc Goergen. Här Goergen.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här President. Och mir Piraten stinn dem Tram ganz positiv géigeniwwer. Ech hunn awer do nach e puer Froen un d'Ministesch oder e puer Remarken.

Mir si ganz frou, dass elo endlech Richtung Bouillon ausgebaut gëtt. Mir hätten eis awer do erhofft, dass ee vläicht schonn an deser Etapp déi nächst Etapp matdenkt. Ech fannen et e bësse schued, wann de ganze Stater Schäfferot och an der Chamber sëtzt, dass mer an der Chamberskommissioun erkläert kruten, et géif un der Stad Lëtzebuerg leien, dass et net méiglech wär, do iergendee Kompromëss ze fannen, fir elo schonn ze soen: „Kommt, mir huelen dee Projet mat, well soss muss mer op eemol erëm nei ufanken.“ A selcherlech ass dat net vu Virdeel, wa mer den Tram gäre ganz schnell wëllen ausbaue Richtung Bouillon. Elo fuere mer jo emol bis bei d'Kierch an iergendeng Kéier fänke mer dann de Projet nach eng Kéier un.

An do stellt sech nämlech fir mech nach eng aner Fro: Wéi ass et herno mam séieren Tram an de Süden, dee warscheinlech och duerch genau déi Schneis wäert erakommen? Fänke mer dann en zweete Chantier un? Et ass an deemem Projet e bëssen ... Jo, et ass flott, dass mer en elo maachen, mir stinn och ganz derzou, mir wäerten en och matstëmmen, mee hei hätt een an engem Worf direkt Richtung Bouillon vläicht och scho kënne kucken, wéi et herno mam séieren Tram an de Süde geet. Well de séieren Tram an de Süde kritt aner Maschinnen, et muss een op en anere Voltag, et muss een, bon, aner d'Certificaten hunn. Dat wäert net esou einfach ginn, dass deen einfach mol op deem Trajet fiert. An dann hätte mer nämlech den Awunner do zu Hollerech en zweete Chantier erspuert, an och Richtung Bouillon.

Wa mer bei de Chantiere sinn, an dat ass meng zweet Fro, ech hunn och do nach eng Kéier mat eise Conseiller zu Hesper geschwat an ech weess och, dass den Hesper Buergermeeschter et schonn eng Kéier gesot hat: Och Richtung Houwald si vill Geschäftsleit, déi duerch de Chantier Verloschter haten. Déi Diskussioun war jo och schonn op der Gare deemools opkomm. Ech mengen, do war et jo och d'Corinne Cahen, déi deemools eng Positioun derzou geholl hat. An deementspriedend ass elo d'Fro, wéi et dann um Houwald ausgesäit.

Well eisen Informatiounen no, wou mir nogefrot hunn, si bis elo keng Entschedegungen un d'Geschäftsleit bezuelt ginn, obwuel déi awer do Ausfäll haten an dat souguer esou am Ugangstext virgesi war. An do ass da meng Fro un d'Ministesch: Kënnen dann déi Geschäftsleit um Houwald elo dermat rechnen, dass se schnell Entschedegunge kréien? Well déi brauchen et och duerch de Chantier. Et ass schéin, dass en herno bis bei de Stade fiert, mee während där Zäit hunn déi awer Ausfäll. Wäert d'Ministesch deene Geschäftsleit ënnert d'Äerm gräifen?

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Goergen. Dann ass elo d'Wuert fir den Här David Wagner.

M. David Wagner (déi Lénk) | Merci, Här President. Den Här Sehovic huet gemengt, dass den Här Bausch warscheinlech de Papp vum Tram wier. Ech mengen, et kann een den Här Bausch derzouzielen. Wien nach derbäi war, weess ech net. Mee op jiddwer Fall ...

(Hilarité et brouhaha)

M. Sven Clement (Piraten) | Mir wëllen eis et vläicht guer net virstellen.

M. David Wagner (déi Lénk) | Et waren der vill, déi ...

M. François Bausch (déi gréng) | De Grand-Duc war nach derbäi.

(Hilarité)

M. Claude Wiseler, Président | Sou wannechgelift, e wéineg seriö elo! Här Wagner.

M. David Wagner (déi Lénk) | Mee op jiddwer Fall war et awer trotzdeem eng schwéier Gebuert. Dat däreft een net vergiessen. Well elo ass et 33 Joer hier, dass d'Tram ASBL sech gegrënnt huet, 1991, wann ech mech net ieren – ech war net derbäi, ech war e bëssen ze kleng –, mee et huet laang gedauert, et ware vill Kämpf an et ass vill, vill Zäit verluer ginn.

Elo ass de Succès net méi a Fro ze stelle mat iwwer 30.000 Passagéier pro Dag (veuillez lire: mat ronn 100.000 Passagéier pro Dag). An elo eeben nach eng weider Extensioun, déi zwee Tronçonnen, wéi schonn erkläert gouf, déi mer haut stëmmen, um Kierchbiereg Richtung Laangfur an de Kuebebiereg an duerno de Quartier Nei Hollerech, deen och desservéiert soll ginn. Et ass e richteg Succès.

Dobäi kënnt och nach d'Gratuitéit, déi fir de Bus, fir den Tram natierlech gëllt a fir den Zuch, dat mécht den öffentlichen Transport ëmsou méi attraktiv. A mir sinn als Lénk ëmsou méi frou doriwwer, well mir awer och bei der Conception derbäi ware vum der Gratuitéit vum öffentlichen Transport duerch déi Debatt, déi mer 2017 ugestiwwelt haten, wou net jiddereen derfir war an duerno awer déi, déi dergéint waren, schlussendlech och derfir waren.

Ech wollt awer och nach zhou Reflexiounen lassginn, déi eis awer net onwichtig sinn. Déi zwee Tronçonnen, déi mer elo stëmmen an déi wäerte gebaut ginn, déi wäerten nei Quartiere mat villen neien Awunner desservéieren. Déi Quartieren um Kierchbiereg, do ass

virgesinn, dass 7.000 Leit bäikommen. An dann hu mer och Nei Hollerech, wou op dem Terrain vum den historesche Proprietair vum Foncier do an der Géigend, dat heescht Heintz van Landewyck, Paul Wurth, awer och de Kompensatiounsfong, deen neie Quartier soll entstoen – an do si 5.500 Aarbechtsplazen ongeféier virgesinn – fir 4.500 bis 6.000 Awunner, déi do wäerte kommen. Virgesi sinn och 20.000 Meeterkaree vu Surface commerciale.

Do stellt sech awer och trotzdeem d'Fro vum engem risegen Desequibler, dee mer an der Stad leider gewinnt sinn, wou u sech erëm eng Kéier souguer méi Aarbechtsplaze geschafe ginn, wéi iwwerhaapt Leit dohinner wunne kommen. Et stellt sech do souwisou och nach d'Fro vum der Abordabilitéit vum deenen neie Wunnengen an deene Quartieren, mee dat ass eng aner Saach, et mécht kee Sënn, elo driwwer ze diskutéieren. Mee de Problem ass och, dass den Tram an déi Tronçone jo och net fir näischt do gebaut ginn – mir stëmmen dat natierlech mat –, et kann net sinn, dass den Tram och nëmmen do ass, fir u sech de Mobilitéitsinfarkt vum der Stad allkéiers erëm opze-fänken!

Mir hunn tatsächlech en Desequibler, wat de Wirtschaftswuesstum ugeet hei an der Stad, wou sech alles hei konzentréiert. Mir sinn der Meinung ... Ech si selwer Stater, mee ech si groussen Unhänger vum enger Dezentraliséierung, och vum den ekonomeschen Aktivitéiten. Dat ass souwuel gutt fir d'Stad wéi och fir de Rescht vum Land. An dat ass och u sech de Problem, deen een net däreft vergiessen.

Dat Zweet, an dat ass eis ganz wichteg a mir bleiwen derbäi: d'Gesellschaftsform vum Tram. Mir hu vill Initiativen ënnerholl, deemools souwuel am Stater Gemengerot wéi och hei an der Chamber. Dir wësst jo, Luxtram gehéiert zu 70 % dem Staat an zu 30 % der Stad Lëtzebuerg. Et ass awer eng privatrechtlech Gesellschaft an d'Aarbechtskonditiounen op allen Niveaue vum de Leit, déi fir den Tram schaffen, sinn einfach nach ëmmer net op der Héicht vum deenen zum Beispill vum de Buschauffere vum der Stad, vum der AVL, wou mir ëmmer der Meinung waren, déi, déi fir den Tram schaffen, missten doran integréiert ginn.

A mir hunn ëmmer derfir plädéiert, en Établissement public ze maachen oder den Tram u sech an den AVL ze integréieren. Ech hunn ni verstanen, firwat dat ëmmer refuséiert gouf. Wéi et lassgaangen ass, 2019, kouw et zu gewerkschaftlechen Aktiounen, et kouw zu engem Kollektivvertrag, deen e puer Errungenschafter bruecht huet: 4 % Gehaltserhéijung, 13. Mount et cetera, mee mir si ganz, ganz wäit ewech vum den Aarbechtskonditiounen vum de Buschaufferen.

An et soll kee mir erzielen, dass et méi einfach ass, en Tram ze fuere wéi e Bus, wéi ech dat och schonn héieren hunn! An och wann et net genau dat selwecht ass, brauch een awer déi selwecht Konzentratioun, an dovunner ofgesi méritéieren déi Leit dat. An dat gëllt natierlech och fir all aner Projeten. Dozou wäert ech nach komme bei der Motioun vum de Gréngen. Mee dovunner ofgesi wäerte mir dat heiten natierlech matstëmmen.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Wagner. Wann ech elo richteg verstanen hunn, huet d'Madamm Polfer sech nach ageschriwwen. Vu datt d'DP-Fraktioun virdrun net geschwat huet, huet d'Madamm Polfer nach déi fënnf Minutten, déi der DP-Fraktioun kënnen zougessprach ginn, wa se dat da géif wëllen.

(Hilarité et interruption)

Ech applizéieren hei d'Reglement.

(Interruptions)

Wannechgelift, d'Wuert ass fir d'Madamm Polfer.

Mme Lydie Polfer (DP) | Ech hat effektiv am Fong d'Wuert gefrot pour fait personnel, mee wann ech dann héieren, ech hätt awer fënnf Minutten, ma wonnerbar!

(Hilarité)

M. Claude Wiseler, Président | Nee, deen hunn ech zwar elo net ... Ech ginn Iech ... Ech wëll elo keng Diskussioun iwwert de Fait personnel mat Iech féieren, dofir ginn ech Iech léiwer d'Wuert esou.

Mme Lydie Polfer (DP) | Nee, ech hat fir d'éischt ..., mee et ass an der Rei. Kommt, mir verléiere keng onnéideg Sekonnen.

Nee, ech hat wéinst Fait personnel gefrot, wéi ech d'Madamm Delcourt héieren hunn, mee et ass hir awer gär verzien. Ech mengen, si ka vun där Zäit nach net alles wëssen.

Plusieurs voix | O!

Mme Lydie Polfer (DP) | Majo, ma wann ech héieren, datt un de Stater Verantwortlechen den Tram gescheitert wier – entschëllegt, deem ass net esou! An ech mengen, et weess keen dat besser heibanne wéi den Här François Bausch, dee vun 2005 un am Stater Schäferot war an d'Mobilitéit hat an dee weess, datt vun 2006 un déi véier grouss Parteien all Motiounen – all Motiounen! –, souwuel an der Gemeng wéi eeben hei an der Chamber zesumme gestëmmt hunn.

Ech komme awer elo zu deem virdrun. Jo, an deene Jore virdrun ass vill polemiquéiert ginn a vill geschwat ginn. Firwat? Well et engersäits – an dat war effektiv dee Moment eng Prioritéit – absolut noutwendeg war, de Contournement vun der Stad Lëtzebuerg, vun der Autobunn vun ënnen aus dem Süden op déi däitsch Säit, op de Kierchbiereg ze maachen. A ween ass dogéint Stuerme gela? Mee souwuel de gréissten Deel vun der Sozialistescher Partei wéi natierlech och déi gréng!

(Brouhaha)

An ech kann nëmmen nodréiglech soen – an ech hunn dat op ville Plaze gesot an ech war dofir och um Begrieffnis vum Marcel Schlechter –: Dank dem onwarscheinlech couragéierten Asaz vum Marcel Schlechter, an enger Koalitioun mat der CSV, konnt e sech duerchsetze géint seng ege Kollegen an der Sozialistescher Partei, fir datt dee Contournement sollt gebaut ginn.

Jo, Mëtt an Enn vun den 80er-Jore waren eis Diskussiounen virun allem doduerch gepräagt. Wéi dunnt den Tram koom, war dat net den Tram am Ufank. Gewëss, d'ASBL Tram vum Här Bausch, jo, dat war den Tram. Mee dee Projet, dee mer virgeluecht kruten dee Moment als Gemeng, dat war de BTB (ndlr: Bus-Tram-Bahn). An ech brauch jo elo net ze soen, ween do federführend war. Dat waren den Här Zanussi an nach en Här aus der sozialistescher Fraktioun, deen och nach haut e wichtege Rôle am Staatsrot spillt.

Dee BTB-Projet, dee war fir d'Stad net méiglech. An ech sinn effektiv dofir op d'Barrikade gaangen. De BTB, wat war dat nämlech? Dat war d'Iddi: Den Zuch kënnt iwwert d'Schinnen ënnen aus dem Süden op der Gare un, fiert mat deenen nämmelechte Rammen duerch d'Stad a kënnt ënnen zu Dummeldeng mat de Schinnen nees un a fiert op dem internationale Schinnewierk weider. Ech si keen Ingenieur, mee dat huet mir schonn dee Moment reng onméiglech geschéngt.

Den nämmelechte Bureau d'études, deen awer dee Moment gesot huet, dat kéint gemaach ginn, huet e puer Jore drop festgestallt, datt dat effektiv einfach technesch scho guer net méiglech gewiescht wier, well déi Zich, déi aus dem Süde kommen, elektresch ganz anescht ersogestallt ware wéi déi, déi hei

fueren. Et war also reng onméiglech, jo, an dofir ware mer do absolutt dergéint. Dat ass richtig.

An dunnt ass vun 2004, 2005 un deen Dossier anescht ersogepaakt ginn. A vun 2006 un – dat ka jiddwereen nokucken, all Motiounen – hu mer ganz intensiv doru geschafft. A vun deem Moment un, vun 2014 un, hu mer mat dem Här Bausch als responsabele Minister, mat der Verkéiersschaffen, der Madamm Tanson, a mat mir dee Moment eeben als Buergermeeschter Luxtram, d'SA, opgemaach – an ech sinn och ganz frou, datt haut de Mëtt déi Responsabel hei derbäi sinn – a mir hunn extra gutt a wierklech konstruktiv zesumme geschafft. An ech ka mer nëmme wënschen, datt déi gutt Zesummenaarbecht och esou weidergeet.

Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Polfer. Domat ass dann d'Lëscht vun de Contributeurs ofgeschloss.

An ech géif der Regierung d'Wuert ginn. Madamm Ministesch.

Prise de position du Gouvernement

Mme Yuriko Backes, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, léif Madamm Deputéiert Corinne Cahen, merci fir Ären éischte Rapport, en exzellente schréfftlechen an orale Rapport. Et ass dann och mäin éischte Projet de loi ënnert dëser neier Regierung.

Effektiv, am Koalitiounsaccord steet, dass mer wäerten um Succès vum Tram festhalen. Dat maache mer och. Mir wëllen den Tram och weider ausbauen. Mir wëssen ënner anerem och, dass mer eng Kris am Bausecteur hunn. Dofir steet och am Koalitiounsaccord, dass mer eis Investissementer wëllen héichhalen. Dat heite sinn a bleiwen, och am Ausbau vum Tram, exzellent Investissementer fir eis Mobilitéit a fir eis Gesellschaft.

Dës Aarbechten, iwwert déi Dir haut ofstëmmt, kéinte mer schonn dës Joer op de Marché bréngen. 2025, d'nächst Joer, kéinten d'Aarbechten dann och schonn ufänken.

D'Madamm Cahen huet et gesot: Mir schwätzen hei vun engem Finanzéierungspackage vun 135 Milliounen Euro. Ech mengen, wat och ganz wichteg ze mentionéieren ass, ass, dass déi zum gudden Deel och wierklech der Lëtzebuurger Ekonomie zeguttkommen. Mir wëssen, dass sech mam Tram, sou wéi en iwwert déi lescht Jore gebaut ginn ass, och hei zu Lëtzebuerg e Savoir-faire vun Entreprisén gesammelt huet, soudass ëm déi 80 % vun deem Invest dann och a Lëtzebuurger Entreprisén ginn. Ech mengen, et ass ganz wichteg, dat ze ënnersträichen.

Ech mengen, mir wëssen och alleguerten, dass eisen Tram och eng international Unerkennung genéisst. Ech mengen, dat ass och gutt fir eis Standuertpolitick, an och dat wëlle mer weidermaachen.

Dir Dammen an Dir Hären, mir wëllen hei weider an eis Mobilitéit investéieren. Mir wëllen, dass d'Mobilitéit attraktiv ass a sech och weider esou entwéckelt. An dat maache mer genau mat deenen zwou neien Tramslinnen. Um Kierchbiereg entstinn duerch den Ausbau vun der BEI, dem Quartier Laangfur an dem Kuebebiereg vill nei Aarbechtsplazen an och Wunnengen, d'Madamm Cahen huet et gesot, an déi sollen da vun Ufank un hei mam Tram ugebonne ginn, dat selwecht bei Nei Hollerich.

Mat deenen néidegen Terraine fir dës zwou Extensiounen, mengen ech, misste mer och relativ séier

weiderkommen, well e groussen Deel och schon dem Staat gehéiert respektiv am Laf vun de PAP-Prozeduren automatesch an déi öffentlech Hand dann och wäert iwwergoen.

D'Aarbechte ginn alleguerten Luxtram confiéiert, déi, mengen ech, an deene leschte Joren och wierklech bewisen hunn, dass se souwuel mam Budget, deen hei vun der Chamber accordéiert gëtt, wéi och mat den Delaien, mee awer och mat dem urbanistesche Volet, der urbanistescher Integratioun vum Tram, exzellent ëmgoe kënnen.

Dofir ass och hei e wichtege Punkt: Jo, den Tram ass méi wéi just en Transportmëttel. Et ass och wierklech eng eemoleg Geleeënheet, am Kader vun den Aarbechten dann och den öffentleche Raum nei ze gestalten. Dat maache mer och hei ganz konkret mat neie Gréngflächen, och dat ass fir eis wichteg. Fir just e Beispill ze ginn: Um Boulevard Konrad Adenauer um Kierchbiereg hu mir am Moment iwwer 9.000 Quadratmeter Gréngflächen. Mat dësem Projet gëtt dat verdreifacht, wat an eisen Aen eng exzellent Saach ass. An da wësse mer och, dass mer parallel natierlech hei Verbesserunge fir de Foussverkéier, Foussweeër, wéi och fir d'Vëlospiste kënnen maachen.

Dës Gesetz ass also de Startschoss fir en neit Kapitel vum Tram. Mir schwätzen net méi iwwer: „Maache mer en Tram?“, ob mer en Tram maachen, mee mir schwätzen elo hei wierklech doriwwer – a mir wäerten och an Zukunft weider doriwwer schwätzen –, wou mer den Tram wéini a wéi bauen. An ech kann Iech och garantéieren, dass ech zesumme mat der Stad Lëtzebuerg natierlech do ganz vill a ganz intensiv Gesprécher wäert féieren.

Et ass d'Fro gestallt ginn – déi schéngt ganz wichteg ze sinn –: „Wéini fënnt dann elo déi Reunioun statt?“ Et si ganz vill Reuniounen a ganz vill Gesprécher, mee effektiv fënnt muer dann déi éischt offiziell Reunioun do statt. Mir probéieren, do esou séier wéi méiglech weiderzekommen, mee fir mech ass dat heiten natierlech och en neie Ressort. Ech wëll mech do am Detail informéieren a briefe loossen. A mir wäerten déi Gesprécher op eng ganz konstruktiv Aart a Weis da weiderféieren.

An ech kann Iech och soen, dass et absolutt mäin Zil ass, dës Legislaturperiod och weider Gesetzesprojete fir d'Trams-Extensioun ze deposéieren. Ech mengen, dat ass wichteg fir eis Stad an et ass wichteg fir eist Land. Esou steet et och am Koalitiounsaccord. Dofir soen ech Iech Merci fir Är Ënnerstëtzung. D'Regierung wäert absolutt um Ball bleiwen.

Et ass eng Fro gestallt ginn iwwert d'Indemniséierung, ech mengen, ello hei vun de Geschäftsleit. Et gëtt elo hei mat dëser Extensioun keng Geschäftler um Boulevard Konrad Adenauer oder zu Hollerech, déi duerch d'Aarbechte vun dësem Gesetz impaktéiert ginn, soudass do elo och näischt virgesinn ass.

Voilà, ech soen Iech Merci fir Är Ënnerstëtzung. Ech mengen, et ass e ganz wichtege Projet, dee mer haut hei stëmmen, mee et ass den Ufank vun enger laanger Serie vu weidere Gesprécher, déi mer wäerte féieren a wou mer eis dann och hei nees wäerten an der Chamber erëmgesinn. Villmools merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Ministesch. Här Goergen, wollt Dir der Madamm Ministesch nach eng Fro stellen? Madamm Minister, huet Der se un?

Mme Yuriko Backes, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Jo.

M. Claude Wiseler, Président | Da fuert lass.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Madamm Minister. Ech hu wuel verstanen, dass et bei dësem Fall

esou ass, mee ech hat Iech jo explizitt d'Fro gestallt vun Hesper – well dat jo dee Projet ass, deen am Moment nach gebaut gëtt, an den Text géif et hierginn, fir de Geschäftsleit ze hëllefen –, ob Dir da gewëllt sidd als Regierung, deene Leit déi Entscheedegungs-méiglechkeeten iwwerhaapt emol opzemaachen, fir dass déi déi Entscheedegung kéinte kréien, well déi eebe während der Bauphas och do deementsprechend hir Abousen haten. Merci.

Mme Yuriko Backes, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Merci. Ech verstinn dat, dass dat theoreetesch méiglech ass, mee dat war bis elo net virgesinn an ech hunn elo och weider keng Decisioun an deem Sënn geholl.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Ministesch. Domat ass d'Diskussioun dann ofgeschloss.

(Interruption)

Wollt Dir och der Ministesch eng Fro stellen?

Mme Corinne Cahen (DP), rapportrice | Nee, ech wollt äntweren.

M. Claude Wiseler, Président | Ech weess zwar elo net, ob et un den Deputéierten ass, aneren Deputéierten ze äntweren. Ech mengen, dat loosse mer elo léiwer sinn, well déi Diskussioun well ech net ufänken. Et war zwar ganz gentil vun Iech, Madamm Cahen.

(Hilarité)

Mir géifen zum Vott vun deem Projet de loi hei kommen, der Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8224. Den Text steet am Document parlementaire 8224².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8224

An d'Ofstëmmen fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmmen an deemno och keng Nee-Stëmm a keng Abstentioun. Dëse Projet ass also à l'unanimité ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher (par M. Max Hengel), Félix Eischen, Paul Galle, Christophe Hansen, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies (par Mme Octavie Modert), Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp) et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen (par M. André Bauler), Patrick Goldschmidt, Gusti Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding (par M. Dan Biancalana), Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten (par M. Georges Engel), Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

MM. François Bausch, Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement, Marc Goergen et Ben Polidori ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Motion 1

An dann hu mer nach eng Motioun hei um Büro leien, eng Motioun, déi vum Här Meris Sehovic ass. Här Sehovic, wëllt Dir nach e puer Wuert doriwwer soen?

M. Meris Sehovic (déi gréng) | Jo, Här President, villmools merci. Et sinn en gros dräi Fuerderungen, déi mer hei an der Motioun formuléieren. Op där enger Säit, dass mer den Ausbau vum Reseau, esou wéi en am Plan national de mobilité virgesinn ass, virundreiwen an eebe sécherstellen, dass mer, soulaang mer deen Ausbau maachen, an Zukunft net Stau am Tramresseau hunn, dat heescht, den Tramresseau entflichten.

An domat zesummenhängend dann och déi zweet Fuerderung, nämlech dass mer wierklech prioritairement elo weiderginn an déi Extensioun a Richtung CHL virundreiwen, déi nämlech de Reseau an Zukunft wäert entlaaschten a sécherstelle wäert, dass de Confort an d'Zouverlässigkeet vum Tram héich bleiwen.

An dann drëttens eppes, wat natierlech och mir perséinlech ganz wichteg ass a villen Escherinnen an Escher, nämlech dee Projet an och dee Kalenner, deen d'Regierung presentéiert huet fir den Ausbau vum séieren Tram, fir d'Stad Esch mat der Stad Lëtzebuerg ze verbannen, bäizebehalen.

An an deem Sënn bidden ech ëm Är Ënnerstëtzung bei dëser Motioun. Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Sehovic. Ech hu Wuertmeldunge vum der Madamm Polfer, vum Här Goergen a vum Här Wagner. Madamm Polfer.

Mme Lydie Polfer (DP) | Ech géif menger Fraktioun net recommandéieren, déi Motioun tel quel unzehuelen, well éischtens wichteg Extensiounen hei guer net ernimmt ginn, an dat ass eebe just eng, déi awer immens wichteg wier fir dee schnellen Tram, dee vun Esch kënnt, fir déi Leit sou schnell a sou confortabel wéi méiglech sou no wéi méiglech an den Zentrum an op de Kierchbiurg ze bréngen. Dovu gëtt hei elo guer net geschwat.

Wann doriwwer muss ofgestëmmt ginn, da kann ech nëmme soen: „Net ofstëmmen!“, well de Wëllen, hei weiderzemaachen, sou wéi mer et bis elo gemaach hunn, deen ass do. Dee steet och an der Schafferot... Pardon, entschëllegt, e steet och an onser Schafferots-erklärung, effektiv.

(Hilarité)

Mee dee steet an der Regierungserklärung. Da géif ech soen, et wier sans objet. Mee d'Kommissioun wäert sech mat deenen heite Sujeten nach laang an oft am Detail missen ofginn.

D'Madamm Minister huet elo just selwer gesot, an dat wësse mer: Si ass nei an där doter Fonctioun. An net méi spéit wéi muer de Mëtten hu mer eng grouss Versammlung, wou mer ufänken, si an déi Dossieren, déi net esou einfach sinn, wéi dat heiansdo duergestallt gëtt ..., wou mer déi wäerten zesumme kucken.

Ech huelen do als Beispill nëmme dee vun dem CHL bis op – loosse mer elo mol soen – d'Place de l'Étoile. Déi Pläng si fäerdeg. Dat weess den Här Bausch ganz gutt. Et si just zwou Méiglechkeeten do. Déi eng, déi ass méi deier, mee déi kéint méi schnell goen. Déi aner ass méi flott a mir waren éischer fir déi, an do ware mer enger Meenung, mee do hänke mer vu ville Privatleit of, déi mussen d'accord sinn, fir hir Virgäertcher hierzeginn. Nëmme fir ee Beispill ze ginn, firwat dat net esou einfach ass, wéi een dat mat e puer Wieder hei fuerdere kann.

Also, d'Kommissioun wäert sech heimat nach vill an oft beschäftegen, mee an deem do Fall a mat deene Sous-entenduen, déi a verschiddene Sätz hei sinn, kann ech menger Fraktioun op alle Fall net recommandéieren, déi do ze stëmmen.

M. Gusty Graas (DP) | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Polfer. Dann hunn ech nach dräi Wuertmeldungen: den Här Goergen, den Här Wagner an den Här Bausch. An den Här Sehovic nach eng Kéier, ok. Här Goergen.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här President. Also, d'Motioun ass eis ganz sympathesch. Mir hunn och elo schnell ..., also de Sven huet schnell nach eng SMS gemaach un eise Stater Conseiller, fir nozefroen, wéi et ass mam éischte Punkt Richtung CHL. An do gesi mer awer e puer Problemer, wa mer net méi Infoen hunn, wéi dat genau soll ausgesinn. Wa mer elo einfach haut hei esou stëmmen, hunn eis Stater Leit och do e puer Bedenken. An deementsprechend wäerte mer eis hei enthalten.

Ech perséinlech gesinn awer nach de méi grouse Problem beim Punkt iwwert de schnellen Tram an de Süden. Bekanntlech si mir do der Meenung, wa mer e schnellen Tram bauen, soll dat och en aneren Operateur sinn. An dat ass ee vun de Krittäre, déi mir wëlle virdu gekläert hunn. Mir kënnen net en Operateur mat manner soziale Standards dohinnerseze wéi eng CFL haut. Wa mer e schnellen Tram hunn, da muss deen Tram an eisen Aen och déi selwecht Gehälter an déi selwecht sozial Krittäre Richtung Esch herno erfëlle wéi haut eng CFL. An dat ass ee vun de kruziale Punkten.

Deen anere Punkt ass: Wann de schnellen Tram sollt op der Cloche d'Or erauskommen, dann ass een nach ëmmer mam Zuch méi schnell herno an der Stad oder um Kierchbiurg, wéi wann een den Tram hält. A sech hu mer nach näischt geschafft. Dann hu mer immens vill Geld herno ausginn an da sëtzen eis Leit aus dem Süden op enger Cloche d'Or. Jo, wa se grad do de Büro hunn, ass et ganz praktesch, mee wa mer awer e Projet ausschaffen, da soll et esou sinn, dass ee schnell op der Gare ass, well et ass do, wou haut den Zuch och schnell hikënt. Soss mécht et kee Sënn, fir e schnellen Tram ze baue vun Esch erop, wann herno den Zuch méi schnell ass.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Goergen. Dann ass et um Här Wagner.

M. David Wagner (déi Lénk) | Jo, merci, Här President. Mir hunn déi Motioun vum Här Sehovic net ënnerschriwwen. Mir droe se och vollkomme mat. Mee ech wollt awer nach e Wuert soen zum séieren Tram, deen och Richtung Esch soll goen. Ech hat dat scho virdu ugeschwat: Mir sinn der Meenung, datt en, wann dee kënnt – also, mir sinn natierlech prinzipiell fir de séieren Tram Richtung Esch –, och muss d'Grenzregioun matenglobéieren. Dat ass wichteg.

An dat Zweet, wat wichteg ass, dat ass tatsächlech de Statutt vun de Leit, déi do fir de séieren Tram wäerte schaffen. An et mécht e risegen Ënnerscheid, ob een en effentleche Statutt huet oder ob een an enger Gesellschaft vu privatem Recht ass. Wéi mer dat hei bei Luxtram gesinn, wäerte mer dat natierlech och do bei dem TICE esou fuerderen. Pardon ...

M. Marc Goergen (Piraten) | Beim TICE?

(Interruption par M. Sven Clement)

M. David Wagner (déi Lénk) | Mee mir si wierklech – an et ass och eng Fro a mir wëilten och eng Äntwert vun der Madamm Ministesch kréien – der Meenung, datt, dat gëllt da fir de séieren Tram, dee soll effentlech bedriwwen ginn: CFL, TICE – sou, elo si mer erëm beim TICE. Ech wier awer och frou, wann een awer erëm eng Kéier géif och iwwert de Stater Tram diskutéieren, ob een deen net och misst integréieren, AVL oder och CFL, ob een deem net och en effentleche Statutt kéint ginn.

Well mir sinn nach ganz wäit ewech. Ech mengen, et ka kengem hei egal sinn an och der Regierung net egal sinn, ënner wat fir enge Konditiounen, Aarbechtkonditiounen a Gehälterkonditiounen, d'Leit, déi mat dem Tram elo fueren a fir den Tram schaffen, zurzäit do schaffen. Dat ka kengem egal sinn. An ech wier frou, wa mer do kéinten awer iergendeng Kéier vun der Regierung Kloertext héieren.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Wagner. Dann huet den Här Bausch d'Wuert gefrot.

M. François Bausch (déi gréng) | Jo, merci, Här Président. Ech hat am Fong net wëlles, zu dësem Projet eppes ze soen, mee d'Madamm Polfer huet awer elo e puer Saache gesot, déi ech e bësse misst rektifiéieren, an zwar wann et ëm den Tronçon vun dem Centre hospitalier op d'Stäreplaz an a Richtung Stad geet.

D'Madamm Polfer huet gesot: „Mir waren eis jo awer eens ënnert der leschter Regierung, datt et effektiv vun deem Deelstéck vum CHL op d'Stäreplaz zwou Méiglechkeete gëtt, a mir waren eis och am Fong eens, wat déi bescht wär.“ Mee den Tronçon vun dem CHL Richtung Stad, den endegt net op der Stäreplaz. Well wat hu mer do fir e Problem? Mir hunn éischters e Problem, datt mer jo wëllen herno dann e Pôle d'échange baue beim CHL an dann domat d'Leit, déi aus dem Südweste vum Land kommen, do alleguerten doen ëmklamme vum Bus op den Tram.

Or musse mer deenen dann do eng Méiglechkeet ginn, datt se natierlech vun do, vum CHL, dann entweder op de Kierchbiert oder op d'Gare kommen. A wann een déi Méiglechkeet wëllt ginn, dann ass et relativ kloer, da mussen déi Leit iwwert dat Stéck Boulevard Royal-Porte-Neuve kënne fueren, eng Direktverbindung op de Kierchbiert kréien, well soss doe mer se zweemol ëmsteigen no hirem Bus, vu wou se dann an d'Stad kommen, aus dem Westen, aus dem Kanton Réiden zum Beispill, vu Stengefort, vu wou och ëmmer, an dat ass net akzeptabel!

Den zweete Grond, dat ass, datt de Réseau, wa mer en esou wëllen ausbauen – wat jo anscheinend awer jiddweree wëllt maachen –, wa mer dat wëllen, dann en an dem Stadkär nach fonctionéiert herno, da kënne mer net alles op een eenzege Strank leeën. Well en Tramsréseau ass net anescht wéi en Zuchrséseau, wéi eng Strooss. Et ass eng Infrastruktur. Mir kënnen net onendlech Gefierer op eng Achs leeën, well dann op eemol fonctionéiert d'Achs net méi. Da kritt Der zum Beispill den Dräi-Minuten-Takt net méi gehalen an esou weider.

Dofir ass et schon eng weesentlech Fro, eng zesummenhängend Fro, ob een herno dann och iwwert d'Porte-Neuve eropfiert oder net. An et kann een dat net lassgeliest kucken, wéi d'Madamm Polfer dat wëllt maachen, an dat weess se och, datt dat meng Meenung ass, dat war och an de leschte Jore meng Meenung. Si huet do eng aner Meenung, ech respektéieren déi, mee ech bleiwen derbäi, datt dat dann op d'Qualitéit geet vum Réseau. An dat musse mer onbedéngt verhéieren!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Bausch. Ech géif elo bieden, datt mer awer zur Motioun erëm zrëckkommen, well dat ass am Fong den Objet, iwwert dee mer elo amgang sinn ze schwätzen, an dofir kritt den Auteur vun der Motioun ...

M. François Bausch (déi gréng) | Da muss d'Madamm Polfer dat awer och gesot kréien, Här Président, amplaz hei iwwer Saachen ze schwätzen ...

M. Claude Wiseler, Président | Ech soen dat elo fir ...

(Interruptions)

Här Bausch, dat war eng allgemeng Remark ...

Mme Lydie Polfer (DP) | Här Président, kann ech dem Här Bausch just soen ...

M. Claude Wiseler, Président | Nee, ech géif mengen ...

Mme Lydie Polfer (DP) | Hien huet ganz Recht gehat mat deem, wat en elo gesot huet: Mir waren net enger Meenung!

M. Claude Wiseler, Président | Ech géif mengen, datt mer elo zrëck zur Motioun kommen, Dir hat elo alleguerten d'Méiglechkeet ze schwätzen. An d'Wuert huet elo den Auteur vun der Motioun, den Här Sehovic, deen d'Recht huet, als Leschten iwwer seng Propositionen ze schwätzen.

Une voix | Den Här Engelen.

M. Claude Wiseler, Président | Dann hu mer nach, wann Der erlaabt, den Här Engelen. Ech hat en net gesinn op menger lénks Säit do.

M. Jeff Engelen (ADR) | Merci, Här Président. Mir wäerten eis bei dëser Motioun enthalten. Si ass eis an eenzelne Punkten ze vag. Am Fong geholl misst een déi an d'Kommissioun huelen, fir do nach eng ganz Partie klärend Punkten ze diskutéieren, wéi dat kéint am Endeffekt ausgesinn. Mir hunn elo verschidden Orateuren, Spriecher, hei héieren, déi eng soen esou, déi aner soen esou. An ech mengen, wann een do awer emol eng Kéier géif Neel mat Käpp maachen, da wier dat awer méi kloer, well soss gi mer hei iergendwéi e Fräifaartsschäin, wou mer net wëssen, wou et higee.

An ech mengen, et wier awer gutt, wann hei dat géif am Detail gekläert ginn, well et gëtt jo warscheinlech méi Méiglechkeeten, fir dat hei ëmzesetzen. Ech mengen, se ass eis sympathesch, se ass och net ganz falsch, mee et sinn awer verschidde Punkten, wou se eis ze vag gehalen ass, duerfir enthalte mer eis.

Ech soen Iech Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Här Sehovic, elo krut Der och nach eng Fro gestallt.

M. Meris Sehovic (déi gréng) | Merci, Här Président. Ech géif déi Offer unhuelen a proposéieren, dass mer d'Motioun an d'Kommissioun huelen, vläicht och mat de Verantwortleche vu Luxtram dann diskutéieren an dann eng Kéier en temps utile zrëckkommen an d'Pleinère mat där doter Propos.

Da wollt ech awer eng Saach nach wierklech richtegstellen, déi wichteg ass, par rapport zur Verbindung tëscht Esch an der Stad Lëtzebuerg. Et wäert och mam séieren Tram verschidde Cas-de-figurë ginn, wou den Zuch méi séier ass. Dat ass net iwwerraschend, dat ass och net schlecht, dat ass eeben, well mer de séieren Tram net dierfe gesinn als en Ersatz fir den Zuch, mee an enger multimodaler Kombinatioun mam Zuch, mam Busréseau a mat deene séiere Buskorridoren, déi mer amgaange sinn ze plangen an auszubauen.

An dofir geet et drëms, eeben net een Transportmëttel ze ersetzen, mee an där Multitude vun Transportmëttelen, vun ëffentlechen Transportmëttelen, en optimale Mix hierstellen, fir dass mer sécherstellen, dass een, egal wou een zu Esch wunnt an egal wou een an d'Stad wëll higoen, eng gutt Offer kritt, entweder mam Bus oder mam Zuch oder mam Tram.

Ech soen Iech Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Sehovic. Ech gesinn, datt dee Projet hei an déi Diskussioun vum Tram ganz vill Aspekter hu säit 20 Joer, an et ass schwierig, alles an e puer Minutten ze resüméieren. Mee den Här Sehovic huet elo eng Proposition ugeholl vum Här Engelen, fir dat hei an ...

(Interruptions et hilarité)

Ok.

Une voix | Also, mir kënne gären an der Kommissioun doriwwer schwätzen.

M. Gilles Baum (DP) | Här Président, mir kéinte mat der Propos liewen, déi Motioun hei an d'Kommissioun ze huelen, wann den Auteur vun der Motioun bereet wär, de Saz: „ainsi que le raccourci afférent entre le rond-point Schuman et Hamilius/Boulevard Royal“, aus där Motioun hei erauszehuelen. Da wäre mir averstanen, se mat an d'Kommissioun ze huelen.

(Interruption par M. François Bausch)

M. Claude Wiseler, Président | Wannechgelift, den Här Sehovic ass ugeschwat als Auteur vun der Motioun.

M. Meris Sehovic (déi gréng) | Merci, Här Président. Här Baum, ech proposéieren, dass mer déi Diskussioun eeben en présence da vun de Responsabele vu Luxtram a vun der Ministesch an der Kommissioun einfach féieren. Mir musse jo haut net ofstëmmen, dat ass jo dann d'Eleganz vun där Léisung.

M. François Bausch (déi gréng) | Här Président ...

M. Claude Wiseler, Président | Sou, also ech gesinn, datt mer hei fir d'éischt prealable mussen d'Fro stellen, ob d'Chamber d'accord ass, fir dës Motioun an d'Kommissioun ze verweisen, da musst Der elo Jo oder Nee soen. Wann Der net d'accord sidd, da sot Der Neen dozou.

M. François Bausch (déi gréng) | Motion d'ordre. Här Président, dat ass jo absurd, well mir kënne jo awer als Gréng selbstverständlech egal wéi, och wann Der dat elo ofleent, iwwermuer dat doten an d'Kommissioun bréngen, op den Ordre du jour setze loosse. Dozou hu mer d'Recht laut dem Reglement!

Also, ech mengen, dat heiten, dat ass awer elo eng absurd Diskussioun an ech muss och soen, ech sinn erstaunt, well d'Madamm Polfer huet et selwer proposéiert virdrun, fir et an d'Kommissioun ze huelen, an elo op eemol gëtt et ofgeleent!

M. Claude Wiseler, Président | Sou, elo kritt nach eng Kéier den Här Baum d'Wuert an da komme mer zur Decisioun.

M. Gilles Baum (DP) | Ech mengen, ech muss awer vläicht hei nach eng Kéier widderhuelen, wat ech gesot hunn. Mir wäeren d'accord, déi Motioun tel quel mat an d'Kommissioun ze huelen, wann de Saz: „ainsi que le raccourci afférent entre le rond-point Schuman et Hamilius/Boulevard Royal“, erausgeholl gëtt.

(Hilarité et interruptions)

Sou, elo mierken ech, dass d'Auteurs vun där Motioun hei dee Saz net wëllen eraushuelen. Dofir géif ech proposéieren, Här Président, zum Vott ze kommen.

Plusieurs voix | Au vote!

M. Claude Wiseler, Président | Sou, ech wëll elo, well eng Propos ...

(Interruption)

Da komme mer zum Vott iwwert dës Motioun.

Vote sur la motion 1

Ech géif de Vott lancéieren. De Quorum ass erreecht. D'Procuratiounen. Fin du vote.

An dës Motioun huet 17 Jo-Stëmmen, 35 Nee-Stëmmen an 8 Abstentiounen. Dat heescht, d'Motioun ass ofgeleent mat 35 Nee-Stëmmen géint 17 Jo-Stëmmen an 8 Abstentiounen.

Ont voté oui : M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding (par M. Dan Biancalana), Liz Braz, Francine Closerer,

M. Yves Cruchten (par Mme Paulette Lenert), Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert ;

MM. François Bausch, Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen, Paul Galles, Christophe Hansen, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies (par Mme Diane Adehm), Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp) et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel.

Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

MM. Sven Clement, Marc Goergen et Ben Polidori.

Dispense du second vote constitutionnel du projet de loi 8224

Ech wollt, éier mer zum nächste Punkt kommen, nach eppes nohuelen – wann Der wéilt nolauschten! –: Bei menger grousser Freed, dass dëse Projet 60 Stëmme kritt huet, hunn ech vergiess, Iech d'Dispens vum zweete Vott ze froen.

Sidd Der mat där Dispens d'accord?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

5. Heure d'actualité de la sensibilité politique déi gréng au sujet de la réglementation des nouveaux OGM

An da kënne mer mat rouegem Gewëssen zum nächste Punkt vum Ordre du jour kommen, an dat ass eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Reglementatioun am Kader vun den neie GMO, déi déi politesch Sensibilitéit vun déi gréng ugefrot huet. D'Riedezäit ass am Artikel 84 (2) vum Chamberreglement festgehalten. Den Auteur vun der Aktualitéitsstonn oder d'Autrice vun der Aktualitéitsstonn huet zéng Minutten, déi jeeeweileg Fraktiounen a Sensibilitéite fénnef Minutten, d'Regierung duerno fofzéng Minutten. Et si schonn ageschriwwen: den Här Jeff Boonen, den Här Luc Emering, d'Madamm Claire Delcourt, d'Madamm Alexandra Schoos, den Här Ben Polidori an den Här David Wagner. A Madamm Welfring, Dir hutt d'Wuert.

Exposé

Mme Joëlle Welfring (déi gréng) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Madamm Ministesch, ...

(Brouhaha)

M. Claude Wiseler, Président | Sou, wannechgelift!

Mme Joëlle Welfring (déi gréng) | ... d'Europäesch Kommissioun huet am Juli d'lescht Joer en neit Reglement proposéiert, fir den Émgang mat geentechnesch verännerte Planzen ze dereguléieren. D'Propos gëtt aktuell am EU-Parlament an am Conseil verhandelt a riskéiert, mat deem neien Text zu engem reegerechten Dammbroch ze féieren, wat de Schutz vu

Mënsch, Déier an Natur an d'Uwendung vum Principe de précaution ugeet.

Haut mussen all d'OGMen, och Planzen aus der neier Geentechnik, op hir Risiko fir Mënsch an Ëmwelt gepréift ginn a kloer als Geentechnik gekennzeechent ginn. Dat huet den Europäesche Gerichtshaff nach 2018 confirméiert, notament well an Europa de Precautionsprinzip gëllt an d'Risiken nach net kloer ofgeschätze sinn.

(Coups de cloche de la présidence)

M. Claude Wiseler, Président | Hei, wannechgelift, ech géif Iech bieden, d'Diskussiounen dobaussen ze féieren an der Madamm Welfring ansonsten nozelauschten!

Mme Joëlle Welfring (déi gréng) | Déi aktuell Propos ass en neie Versuch, dës héich Schutzufuerderungen ze ëmgoen.

Mee eent virop: Et geet mer bei der haiteger Debatt net drëms, nei Entwécklungen pauschal schlechtzerieden, mee mir fannen et beonrouegend, wéi dës Propos am Schnellduerchlaaf duerch d'europäesch Institutiounen geet, ouni dass d'Risiken heivun an d'Kriticken aus der Wëssenschaft, der Landwirtschaft, de Konsumentevertrieedungen an Ëmweltverbänn kloer benannt an diskutéiert ginn.

Eebe grad aus dësem Grond ass et mer en Uleies, fir dës Diskussioun och hei am Haus ze féieren, ier d'politesch Verhandlungen op EU-Niveau ofgeschloss sinn.

Zur Propos: D'Propos gesäit vir, d'Planzen, déi aus der neier Geentechnik stamen, an zwou Kategorien opzedeele. Déi éischt Kategorie, fir déi – a laut Aschätzung vum offizielle Verwaltungen handelt et sech heibäi ëm ronn 90 % vun deenen aus der neier Geentechnik stamende Planzen – et keng Kennzeechnung méi wäert ginn, ausser fir de Som, keng Traçabilitéit, och keng Präiwung op d'Risiko fir Mënsch, Déier an Ëmwelt.

Fir déi zweet Kategorie soll d'Kennzeechnung erhale bleiwen an och d'Risikopräiwung, och wann d'Enver-gure heivu méi kleng soll ginn.

Dës Opdeelung gëtt un der Unzuel an dem Ëmfang vun de geneetesche Verännerungen festgemaach. D'Argumentatioun ass, dass, wann ee bestëmmte Seuil vu Verännerungen net iwwerschritt gouf, d'Planzen, déi aus der neier Geentechnik stamen, net vu konventionell gezielte Planzen ze ënnerscheede wieren, an dofir also weeder Risikoprüfung nach Kennzeechnung bräichten.

Wéi sécher kann ee sinn, dass d'Risiko fir d'Allgemeengeheet an d'Ëmwelt negligéabel sinn? Ech hunn och ënner anerem mat Lëtzebuurger Fuerscher genau iwwert dës Thema geschwat. Obwuel si de Potenzial vum der Geentechnik duerchaus positiv géintwärtstinn – eng Vue, déi ech deelen –, war hir Vue déi, dass d'Thema vun der Biosécherheet an der Gestiou vum de Risiko méi an de Kär vun der Debatt misst réckelen.

Och d'Anses, déi franséisch Liewensmëttel- an Ëmweltsécherheetsagence, wéi och dat däitsch Bundesamt für Naturschutz – also keng Ëmwelt-ONGen – stelle fest, dass d'Risiko fir Ëmwelt a Gesondheet bei der neier Geentechnik och bei minimalen Ännerungen net kënnen ausgeschloss ginn an dass dofir d'Basis vun der Kommissiounspropos onwëssenschaftlech ass.

Jo, och kleng Ännerungen, och wa se just mat Geentechnesch material aus ënner sech kräizbaren Aarte gemaach ginn, kënnen grouss Konsequenzen hunn. Si kënnen zum Beispill neiaarteg Allergeenen oder Toxinen auslësen, déi een ouni Risikopräiwung natierlech net erfaasst.

Ma och a puncto Ëmwelt gëtt et kloer Geforen, déi riskéieren, ignoréiert ze ginn. Zumools well sech d'Propos net just op landwirtschaftlech Kulturen applizéiert, mee op all Planzen, inklusiv Wéllplanzen, Beem, Algen, warnt d'Ekologesch Gesellschaft vun Däitschland, Éisträich an der Schwäiz, dass d'Fräisetzung vun der Geentechnik am groussen Stil negativ Effekter op wéll Populatiounen vu Planzen an Ökosystemer wäert hunn.

Jo, schonn haut gëtt vill investéiert an d'Gestioun vun zum Beispill invasiven Aarten. Dësen Drock wäert mat der neier Dereguléierung weider steigen. Och neiaarteg Planzen mat zum Beispill insektizider Wirkung riskéieren, negativ Effekter op Insektpopulationen ze hunn. Dës géifen ouni Risikobewäertung awer net erfaasst ginn.

(M. Fernand Etgen prend la présidence.)

Och d'EFSA, souguer si, déi europäesch Autoritéit fir Liewensmëttelsécherheet, war bei hirem Avis ganz virsiichteg an huet der Kommissioun an all Fall eng strukturéiert Risikobewäertung recommandéiert. Och dëst gouf net am Text berücksichtegt.

Dofir meng Froen: Huet d'Ministesch de Kontakt gesicht mam Ëmweltminister, fir d'Risiko vun dëser Propos fir Ëmwelt ze diskutéieren? A wa jo, wat waren hei d'Retounen? Wat ass hir Analys vun deene genannte wëssenschaftleche Kriticken zur Equivalenz an zu de Risiken?

Jo, och fir d'Landwirtschaft steet mat dëser Propos vill um Spill, an och hei gëtt et nach vill oppe Froen. Déi alleréisch Fro ass déi vun de Patenter, déi iwwert dëser Diskussioun schwieft a riskéiert, d'Kontroll vun e puer Multinationalen an der Landwirtschaft weider ze stäerken, d'Veillfalt vun de Kulturplanzen ze verréngeren an de Bauere weider un Autonomie ze huelen. Fir eis ass et kloer, dass et keng Patenter op Liewen dierf ginn!

Da stellt sech d'Fro, wéi ee verséichert, dass d'Bauern, egal ob bio oder konventionell, déi geentechnikfräi wëlle schaffen, dat nach kënnen, wann e groussen Deel vun de geenmodifizéierte Planzen, also och Fuddermëttel, net méi musse gelabelt ginn, ier se fräigesat respektiv als Planz verkaf ginn. D'Suerg vun der Kontaminatioun gouf notament vun der Bauerenallianz, der Landjugend a Jongbaueren an der Biovereenegung opgeworf. An och déi aktuell Texter ginn heirobber keng Äntwert an assuréieren och keng eenheetlech europäesch Approche.

An dann: Wéi ass et mat der Haftbarkeet, wann et zu enger Kontaminatioun vu geentechnikfräie Felder mat Geentechnik sollt kommen? Si Versécherungsgesellschaft bereet, eventuell gesondheetlech an ëmwelttechnesch Risiken ze versécheren?

D'Versprache vun der neier Geentechnik fir d'Landwirtschaft si grouss, ma se gläichen deene Versprechen, déi och virun 30 Joer bei der aler Geentechnik gemaach goufen: manner Wasserverbrauch, manner Pestizidgebrauch, manner Honger an globale Süden. Dës Versprache goufen an der Vergaangenheet net ageléist. Au contraire: Et gesäit een eeben, dass a Länner, wou OGMen am groussen Stil ugebaut ginn, de Pestizidgebrauch eropgaangen ass, déi industriell landwirtschaftlech Praktike sech weider zougespéit hunn a grouss Konzernner weider gestärkt goufen.

Och dierfe mer net vergiessen, dass duerch haut schonn erwise Methoden, wéi zum Beispill d'Upassung vun der landwirtschaftlecher Praxis – méiglidereg Fruchtfolleg oder Agroforstwirtschaft – oder d'Ubaue vu besser ugepassten Sorten, a mat der néideger Ënnerstützung wichteg Schrëtt a Richtung